Är Kandidaten fir d'Gemengewahlen 2017

All wahlberechtegt Biergerinnen a Bierger konnten hir Kandidatur fir d'Zesummesetzung vum neie Gemengerot fir d'Joren 2017-2023 stellen. Vun dëser Geleeënheet hunn 10 Männer Gebrauch gemaach.

Nodeems all d'Kandidate kontaktéiert gi sinn, hu mir decidéiert ee gemeinsame Flyer eraus ze ginn, op deem mir eis eenzel virstellen an eis Prioritéite fir di nächst 6 Joer presentéieren.
All Kandidat ass fir de Contenu vu senger Säit verantwortlech an engagéiert sech fir e faire Wahlkampf.

Déi Leit, déi wëlle mat de Kandidate perséinlech schwätzen, kënnen dat jidderzäit maachen.

Sven BETTENDORF

Educateur am Internat
vum Lycée Ermesinde
29 Joer

Jonggesell

vun Angelsbierg

Als jonken Awunner vun eiser Gemeng sinn ech motivéiert fir mech déi nächst Joren an der Gemeng ze engagéieren a Responsabilitéit ze iwwerhuelen.

De Charme vun eiser Gemeng dee jonk a manner jonk wichteg ass, huet mech viru 5 Joer iwwerzeegt fir heihi wunnen ze kommen. Trotz der noutwendeger Moderniséierung vun der Gemeng muss de Charme vun eisen Dierfer erhale bleiwen. Beim PAG genee wie bei anere Froen am Alldag ass et mir doduerch wichteg, an enker Zesummenaarbecht mat allen Awunner eng Léisung ze fannen déi et eis och erméiglecht eis Gemengefinanzen an de Greff ze kréien.

Well eis Gemeng an de leschte Joren immens gewuess ass, ass et mir als Educateur wichteg all eis Veräiner an hirer Aarbecht ze ënnerstëtzen a soumat en flott Mateneen fir nei an al Bierger ze schafen.

Eng weider Prioritéit an eiser Gemeng ass d'Mobilitéit, wou een neit Mobilitéitskonzept fir eng besser Vernetzung vun all eisen Dierfer muss ausgeschafft ginn.

Merci am Viraus fir Äert Vertrauen.

Sven Bettendorf

Lucien BROSIUS

Gestionnaire bei der CFL
39 Joer

bestuet mam Tania Brosius-Schiltz a Papp
vum Sam(11), Lee(9) a Finn(5)

vu Schous

Duerch mäi jorelaangt bénévolt Engagement an de Veräiner, ewéi bei de Scouten, de fräiwëllegen Pompjeeën, dem Theaterveräin oder de Wiichtelcher, well ech mech elo och op engem anere Niveau fir meng Matbierger/Innen asetzen.

A mengem Beruff als Gestionnaire bei der Eisebunn hun ech all Dag mat Administratiounen, Bureau d'Etuden an Entreprisen ze dinn, eng Erfarung déi bei groussen a klenge Projeten vu Notzen wäert sinn. Als Member vun der Bautekommissioun weess ech och, wéi néideg nohalteg Bautepolitik an eiser Gemeng ass.

Als fréieren Elterevertrieder as mer och bewosst ginn, dass en gesonden Dialog tëschent dem Schoulcomité an de Gemengeverantwortlechen ganz wichteg as. D'Liewensqualitéit, fir Jonk an Aal, an eisen schéinen Dierfer z'erhalen an ze verbesseren läit mir um Häerz, dofir sinn ech bereet mäi Bëscht ze dinn, fir dass eis Gemeng och weiderhin eng liewenswäert a familljefrëndlech Platz bleift.

Merci fir Äert Vertrauen,

Luss Brosius

Paul BROSIUS

Ingénieur industriel (SES -préretraité)
56 Joër

bestuet a Papp vun 2 erwuessene Kanner,
(Jeff a Liz)

vu Kéideng

Dësen Hierscht hält mäin aktiivt Beruffsliewen op ,an ech wäert di néideg Zäit fannen, fir mech fir d'Bierger/innen an hir Uleies anzesetzen!

Als Mann vun der aktueller Buergermeeschtesch kennen ech d' Erausfuerderungen di an der Zukunft wäerten op eis duerkommen.

Mäin Beruff als Ingenieur industriel huet mech awer geléiert,dass et ëfters méi Léisungen a Weeër ginn!

Ganz besonnesch um Häerz leie mir eis Ëmwelt an hir Ressourcen,souwéi eng gesond Finanzpolitik!

Géigesäitege Respekt a konstruktiven Dialog si Garante fir d' Wuelbefannen an eiser schéiner Gemeng.

Dozou stinn ech an dozou well ech mäin Deel bäidroen!

Paul Brosius

Marcel EWEN

Beruffsreider—Section des Sportifs d'élite de l'armée
35 Joer

vu Weyer

Zigele fest an der Hand

E kale Kapp an Iwwerbléck

schnell Reaktioun

a keng Angscht virun engem schwéiere Parcours...

mäi Beruffskonzept fir eis Gemeng

Marcel Ewen

Fränk DAEMS

Fonctionnaire de l'Etat am Service de l'Horticulture vun der ASTA
42 Joer

bestuet mam Joëlle Felten,
Papp vum Lynn (7)

vun Angelsbierg

Als Conseiller am Fëschber Gemengerot an als President vun der Ëmweltkommissioun hun ech déi läscht 6 Joer vill Engagement an Energie fir eis Gemeng an hir Bierger investéiert. D'Erfarung déi ech esou konnt sammelen gekoppelt mat menger Motivatioun ass fir mech eng gudd Basis fir eiser Gemeng duerch déi nächst 6 Joer ze hëllefen. Sollt ech bei den Wahlen den 8. Oktober den Wielerinnen a Wieler hiert Vertrauen geschenkt kréien wäert ech mech och déi nächst 6 Joer mat Verantwortung a vollem Asaatz fir d'Gemeng Fëschbech an hir Leit engagéieren.

Themen déi mir besonnesch um Häerz leien sinn:

Eis Kanner an hir Educatioun. D'Zesummenaarbecht an d'Kommunikatioun tëscht der Gemeng an allen Acteuren aus dem edukativen Beräich muss funktionéieren, am Intérêt vun eise Kanner!

Transparent Gemengepolitik a gewollten Biergerbedeelegung.

D'Waasserversuergung ofsécheren, ausbauen an méi heefeg Waasser-Analysen.

D'Erhalen an d'Protegéieren vun eiser eemoleger Landschaft, eisen Bëscher an eiser eenzegaarteger Planzen- an Déierewelt.

D'Ënnerstëtzung vun all eisen Veräiner, vu Club des Jeunes bis Senioreveräin, sie stinn fir d'Duerfliewen, haalen d'Traditiounen héich an integréieren ëmmer erëm nei Awunner an eis Gemeng.

D'Verkéiersberouegung fir méi Sëcherheet an den Wunngebidder an op eisen Stroossen.

Eng moderat Bautepolitik an eiser Duerf-Gemeng; gestreckten Bauphasen fir gréisser Bau-Projets; d'Bautepolitik an eisen PAG mussen dem Duerfcharakter Rechnung droen mat deenen selwechten Rechter a Pflichten fir all Bauhär.

Niewent dëssen Themen, déi alleguer zu enger héicher Liewensqualitéit bäidroen, ginn et eng helle Wull u klengen "chantiers" an eiser Gemeng wou Hand muss ugeluecht ginn a wou ech mech och weider wëll engagéieren.

Merci am viraus fir Äer Ënnerstëtzung.

Fränk Daems

Patrick GROTZ

Chef d'Atelier am Prisong zu Schraasseg
32 Joer

gepacst seit 10 Joer a Papp vun 2 Kanner

vu Fëschbech

Léif Wielerin, léiwe Wieler,

Den 8. Oktober ass et sou wéit, en neien Gemengerot gëtt gewielt an ech si motivéiert mech anzebréngen.

Seit 32 Joer liewen ech an eiser Gemeng an huelen aktiv um Gemengeliewen Deel (als éischt Club des Jeunes, lo:Pompjeen, Amicale Maarkollef an Fëschber Nopeschfest asbl); dofir wëll ech mech asetzen den Charakter an d' Liewensqualitéit vun eise schéinen, klengen Dierfer ze erhalen.

Dozou zielt fir mech d'Verbesserung vun der Kommunikatioun tëscht der Gemeng an de Bierger, dem Gemengepersonal an der Schoul, souwéi eng Upassung vum ëffentlechen Transport.

An der Hoffnung op är Ënnerstëtzung, soen ech Iech Merci

Patrick Grotz

Dan MOURA

Educateur gradué
39 Joer

bestuet an 3 Kanner

vu Schous

D'Zesummenhäng an der Gemengepolitik begleeden a verstoen, dofir hunn ech mech an éischter Linn opgesat, d.h. fir mech Nolauschteren an am Rahme vun de Méiglechkeeten an am Sënn vun de Matbierger esou objektiv wéi méiglech ze handelen, dat steet am Zentrum vun der Politik déi ech ka vertrieden.

Themen, déi mech beweegen, sinn den Austausch mam Bierger, eng qualitativ Kannerbetreiung, d'Sécherheet an der Mobilitéit, den Erhalt vun der Liewensqualitéit an den Dierfer, d'Solidaritéit ënnert de Matbierger an och géigeniwwer bedierftege Matmënschen, d'Abannen vun all de Matbierger an der Gemengpolitik.

Dan Moura

Kevin OLINGER

Wunnen vu Gebuert (1992) un zu Schous
Staatsbeamten beim Office national du Remembrement

Präsident vum Daachverband vun den Lëtzebuerger Jugendklibb Asbl

Member vum Conseil Supérieur de la Jeunesse de l´Etat

Léif Awunner vun der Gemeng Fëschbech,

Mir kënnen eis glécklech schätzen an enger klenger roueger Gemeng ze liewen.
Fir d'Liewensqualitéit vun Jonk an Al oprechtzeerhalen an eis Betriber ze stäerken, stinn ech fir:

- eng transparent Politik am Dialog mat alle Bierger an alle Betriber
- eng kohärent Politik fir Kanner a Jugendlecher an enger gudder Zesummenaarbecht mat dem Léierpersonal, der Kannerbetreiung an de Veräiner.
- eng modern Administratioun mat vereinfachten an sënnvollen Gemengereglementer.
- d'Erhalen vum Duerfcharakter duerch eng gudd iwwerluechten Bebauung déi och dem Naturschutz Rechnung dréit.
- eng konsequent Investitioun an erneierbar Energien.

Fir all daat duerchzesetzen, bieden ech Iech, léif Awunner vun der Gemeng Fëschbech, mir äert Vertrauen den 8. Oktober ze schenken.

Villmools MERCI!

Laurent SCHILTZ

Gemengebeamten zu Dikrech
35 Joer

Papp vun 2 Kanner
(3 an 8 Joer)

vun Angelsbierg

Als Kandidat fir Gemengewahlen wëll ech meng Erfahrung als Gemengebeamten notzen fir zur Entwécklung vun onserer Gemeng bäizedroen. Meng Prioritéiten sinn d'Interessen vun de Bierger ze vertrieden, d'Zesummeliewen ze förderen an de Potential vun der Gemeng auszenotzen. Ech hoffen op Äer Ënnerstëtzung an soen Iech am Viraus Merci fir Äert Vertrauen.

En tant que fonctionnaire communal, je souhaite mettre à profit mon expérience afin de contribuer au développement de notre commune. Mes priorités sont de représenter les intérêts des résidents, de promouvoir la cohésion communale et de mettre en avant le potentiel de notre commune. Je vous remercie d'avance pour votre confiance et votre soutien.

Als Kandidat für die Gemeindewahlen möchte ich meine Erfahrung als Gemeindebeamter nutzen um zur Entwicklung unserer Gemeinde beizutragen. Meine Prioritäten sind die Interessen der Bürger zu vertreten, das Zusammenleben zu fördern und das Potential der Gemeinde auszunutzen. Ich hoffe auf Ihre Unterstützung und bedanke mich im Voraus für Ihr Vertrauen.

Claude TRAUSCH

vu Beruff Bauer
34 Joer

gepacst

vu Fëschbech

D'Gemeng Fëschbech ass meng Heemecht wou ech liewen a schaffen.

Säit ech 2005 am Gemengerot sinn , hunn ech festgestallt datt et eng Erausfuerderung fir eis Gemeng ass sech weiderhi gutt um Lafen ze behalen. Si soll op der enger Säit mat der Zäit mat viru goen, awer och versiche mat de Féiss um Buedem ze bleiwen.

Di lescht Joren hunn ech perséinlech erlieft dat villes net esou séier geet wei een sech dat wënscht. D' Gemeng ass ofhängeg vun de Ministèren. Et ass net ëmmer einfach Kompromësser mat dësen ze fannen an dobäi och de Bierger zefridden ze stellen.

Dofir ass et mir wichteg datt mir zesummen eis Gemeng weiderhin erhalen dh. z.B fir mech keng iwwerdriwwe Bauprojeten, een duerchduechte PAG, den Terrain sënnvoll ze notzen, a virun allem am Sënn vun Iech ze handelen.

Ech wëll mech fir Iech ALL asetzen. Ech hunn ëmmer een oppent Ouer fir är Suergen, Gedanken a Virschléi, di häerzlech wëllkomm sinn.

Dir fannt mech ronderëm Fëschbech an eiser schéiner Natur.

Claude Trausch

Déi 10 Kandidaten op ee Bléck:

BETTENDORF SVEN
FONCTIONNAIRE/EDUCATEUR, ANGELSBERG, LUXEMBOURGEOIS

BROSIUS LUCIEN
FONCTIONNAIRE CFL, SCHOOS, LUXEMBOURGEOIS

BROSIUS PAUL
INGENIEUR INDUSTRIEL, KOEDANGE, LUXEMBOURGEOIS

DAEMS FRÄNK
FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, ANGELSBERG, LUXEMBOURGEOIS

EWEN MARCEL
FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, WEYER, LUXEMBOURGEOIS

GROTZ PATRICK
FONCTIONNAIRE DE L'ETAT, FISCHBACH, LUXEMBOURGEOIS

MOURA DANIEL
EDUCATEUR GRADUE, SCHOOS, LUXEMBOURGEOIS

OLINGER KEVIN
EMPLOYE DE L'ETAT, SCHOOS, LUXEMBOURGEOIS

SCHILTZ LAURENT
FONCTIONNAIRE COMMUNAL, ANGELSBERG, LUXEMBOURGEOIS

TRAUSCH CLAUDE
CULTIVATEUR, FISCHBACH, LUXEMBOURGEOIS